

Reaktioun op Declaratiounen vum CNFL betreffend d'ADR Fraen

Pressematdeeling vum 19. Abrëll 2016

D'ADR Fraen si verwonnert iwwer d'Aussoen vum *Conseil national des Femmes* an der Press iwwer d'Ursaache fir de Refus vun hirer Kandidatur. D'ADR Fraen krute vum CNFL just schrëftlech matgedeelt, datt si keng 2/3 Majoritéit kritt hätten. Konkret Grënn goufen dofir net genannt an et gouf och kee Gespréich vum CNFL ugebuede fir eventuell nach oppe Froen oder Onkloerheeten ze diskutieren. Am Bréif vum CNFL stoung ausdrécklech kee konkrete Bezuch op d'Statutte vun den ADR Fraen oder op d'Statutte vum CNFL déi de Refus justifiéiert hätten.

D'ADR Fraen hu beim Schreiwen vun hire Statutten, déi vun anere politesche Fraenorganisatiounen, déi schonn am CNFL sinn, selbstverständlech mat a Consideratioun gezunn.

Och aner politesch Fraenorganisatioune sinn un deen allgemenge Kader vun der Politik vun hirer Partei gebonnen. Sou heescht et z.B. am Artikel 44 vun den CSV-Statutten:

“Artikel 44 CSV

(...) 3. Jede Unterorganisation der Partei hat das Recht zu eigenen Stellungnahmen zu allen Fragen der Politik in ihrem Wirkungsbereich, die den Grundsätzen der CSV nicht widersprechen dürfen.”

Sou ass dat och bei der ADR.

Den Artikel 12 vun de Statutte vun den ADR Fraen betount awer d'Onofhängegkeet vun den ADR Fraen an deem selwechten, allgemenge Kader:

“Artikel 12 ADR Fraen :

Die „ADR Fraen“ genießt für ihre innere Verwaltung volle Autonomie.”

An hirer praktescher Aarbecht sinn d'ADR Fraen deemno onofhängeg vun der Partei.

Déi formalistesche Argumentatioun vum CNFL ass net stëchhalteg oder si misst op d'mannst am selwechte Mooss och bei aneren Organisatiounen zum Droe kommen. An deem Fall misst een awer och nach analyséiere wéi wäit déi behaupten Onofhängegkeet vun aneren Organisatiounen bei enger méi geneeër Iwwerpräiwung iwwerhaupt realistesch schéngt.

D'ADR Fraen verweisen ausserdem op d'Statutten vum CNFL selwer déi d'Konditiounen vun enger Memberschaft festleeën an opzielen. Et schéngt den ADR Fraen net verrietbar, datt de CNFL op eemol Argumenter opféiert fir d'ADR Fraen kënnen ze refusieren, déi net an der Lëscht vun deene statutaresche Bättrëtsconditiounen vum CNFL figurieren.

“ Artikel 3 CNFL

(...) Le CONSEIL NATIONAL DES FEMMES DU LUXEMBOURG a pour objet:

- *la defense et la promotion des intérêts des femmes;*
- *l'action contre toute discrimination fondée sur le sexe;*
- *l'action en faveur de la réalisation de l'égalité entre femmes et hommes;*
- *l'action en faveur de l'intégration de la dimension du genre dans tous les domaines”*

“Artikel 5 CNFL

Peuvent etre admises en qualite de membre les federations, associations ou organisations representatives qui soutiennent l'objet social du CONSEIL NATIONAL DES FEMMES DU LUXEMBOURG.

(...)”

D'ADR Fraen erfëllen déi Konditioun a bleiwen dowéinst bei hirer Iwwerzeegung, datt et dem CNFL a Wierklechkeet dorëm geet fir politesch Positiounen, déi net hirer Majoritéit entsprechen, auszeschléissen z.B. am Beräich vun der Ofdreiwung, de Quoten, der Prostitutioun, der Famill, dem Schutz vum Kand an esou weider.

De CNFL weist domat seng Intoleranz a verléiert d'Legitimitéit fir am Numm vun alle Fraen am Land kënnen opzetrieden. De Refus vun den ADR Fraen weist, datt de CNFL selwer e politesch orientéiert Organ ass a keen Daachverband vun de Fraenorganisatiounen am Land.

D'ADR Fraen bidden dem Conseil National des Femmes heimatter awer nach eemol e Gespréich un an hoffen, datt sech déi ganz Saach kann dohin entwéckelen, datt och d'ADR Fraen dem Gremium bäitrieden an datt de CNFL domat an Zukunft besser kann dee ganze Spektrum vun den demokratesche Meenungen vun alle Fraen am Land verrieden.

Annexe op der nächster Säit: De Refus vum CNFL



Luxembourg, le 24 mars 2016

Madame Sylvie Mischel
Présidente ADR Fraen
22, rue de l'Eau
L-1449 Luxembourg


Concerne : votre demande d'adhésion au Conseil National des Femmes du Luxembourg

Madame la Présidente,

Par lettre du 1^{er} mars 2016, votre comité a posé sa candidature pour être admis en qualité de membre du Conseil National des Femmes du Luxembourg (CNFL).

J'ai le regret de vous informer que cette candidature n'a pas pu réunir la majorité des deux tiers des membres du Conseil National des Femmes du Luxembourg telle que fixée par l'art.5 de ses statuts.

Je vous prie d'agréer, Madame la Présidente, l'expression de ma parfaite considération.



Anik Raskin
Chargée de Direction du Conseil
National des Femmes du Luxembourg

CNFL - association sans but lucratif - www.cnfl.lu
Adresse : 2, Circuit de la Foire Internationale L-1347 Luxembourg - C.C.P.L. IBAN LU 92 1111 0469 3988 0000
RCS Luxembourg F1571 - Tél. : +352 29 65 25 - Fax +352 29 85 24 - e-mail : anik.raskin@cnfl.lu